# ANIMATEUR A FORMATIOUN FIR JONKER | VU 16 - 30 JOER

D'Gemeng Schëffleng proposéiert och 2025 an Zesummenaarbecht mam Jugendhaus dës Formatioun.

Domat kann ee spéider als Animateur/Animatrice un Aktivitéite fir Kanner a Jugendlecher an de Schoulvakanzen deelhuelen an zesumme mat de Responsabelen Aktivitéiten organiséieren, duerchféieren an d'Participante begleeden.

D'Formatioun gëtt vum Service National de la Jeunesse zertifiéiert a fënnt zu Schëffleng an an der Ëmgéigend statt.



**Datumer 2025:**

- **01. a 02. Mäerz (mat Iwernuechtung)**
- **29. a 30. Mäerz (mat Iwernuechtung)**
- **Teamdag 07. Juni**

Plus 2 Deeg Ministage am Schëfflenger Jugendhaus, d'Datumer heifir gi mam Animateur zesumme festgeluecht.

- **Ziler vun der Formatioun**

D'Animateuren, déi d'Formatioun duerchlaf hunn, sollen:

- e Grupp vu Kanner a Jugendlechen altersgerecht encadréiere kënnen.
- Risike vun Aktivitéiten aschätzen a fir Sécherheet suerge kënnen.
- mat Konflikter am Grupp ëmgoe kënnen.
- hir Roll als Animateur kennen an als Virbild fungéiere kënnen.
- Eegeninitiativ ergräifen an eegestänneg schaffe kënnen.
- Handlungsméiglechkeeten a konkrete Situatioune kennegeléiert hunn.
- déi aner Animateuren, mat deene se wäerte schaffen, kennegeléiert a mat hinnen am Team geschafft hunn.
- vertraut si mat den Aktivitéiten, déi an deem jeeweilege Joer ugebuede ginn.

**Umeldung** bis de **15. Februar `25** iwwer:

info@schefflenger-jugendhaus.lu

Präis: **55.00€**